# ZOOM.

D'STUDENTENZEITUNG

## IWWERBLÉCK


**Student fir 1 Dag**

04 — Dëst Joer konnten Schüler:innen nees wéi gewinnt u verschiddenen Dagesreesen deelhuelen. De Student fir 1 Dag huet wéi gewinnt an der Ouschtervakanz vum 2. bis de 15. Abrëll stattfonnt.

**REEL**

05 — Vum 19. bis den 22. September huet déi 39. Editioun vun der REEL zu Köln stattfonnt.

**Guiden – De Studenteguide**

06 — Dëst Joer huet d'ACEL déi 6. Editioun vun hirem „De Studenteguide" rausbruecht, den u ronn 4.500 Schüler:innen am Grand-Duché verdeelt ginn ass.

**De Studentebal**

07 — No ronn engem hallwe Joer Organisatiounsaarbecht ass De Studentebal de 5. Juli op der Wiss bei P&R Bouillon iwwert d'Bün gaangen.

**Studentefoire**

08 — Dëst Joer ass d'ACEL nees Matorganisator vun der Studentefoire, de 24. & 25. Oktober, an ass zesumme mat senge Memberscerclë um Belval vertrueden.

**Pensioun**

09 — D'Pensiounsdebatt ass och net un eis spuerlos ewechgezunn, am Austausch mat den zoustännege Ministèrë vertriede mir den Interêt vu Student:innen.

**D'Memberscerclë vun der ACEL**

14 — D'ACEL huet am ganzen 41 Memberscerclen déi an 9 verschiddene Länner aktiv sinn an de Schüler:innen a Student:innen wichteg Froen zum Studium beäntwerte kënnen.




## VIRWUERT

Léif Lieser:innen,

Ech freeë mech, iech dës nei Editioun vun eiser Studentenzeitung „Zoom", déi traditionell am Kader vun der Studentefoire erausbruecht gëtt, kënnen ze präsentéieren.

Am Zoom gi mir e Réckbléck op dat lescht Joer vun der ACEL – De Studentevertrieder an dir kritt dir en Abléck iwwer déi verschidde Projeten, déi am Kader vun eisen dräi Haaptaufgaben – informéieren, representéieren a regruppéiere, dëst Joer realiséiert gi sinn.

D'ACEL bléckt op en Gebuertsdagsjoer mat ville gudde Momenter zeréck. Mir si ganz frou, dass dëst Joer eis traditionell Eventer wéi den Tournoi de Noël, den „Student fir 1 Dag", de Quizowend an den „De Studentebal" trotz ville Steng am Wee stattfanne konnten.

Mir sinn och houfreg op d' Publikatioun vun enger néier Editioun vun eisen dräi Guiden, déi d'Zil hunn de Schüler:innen all néideg Informatioune mat op de Wee ze ginn.

Eng Pensiounsdebatt ass lancéiert ginn, a mir maachen eis staark, dass déi Jonk an dëser Debatt net vergiess ginn. Mir sinn am Austausch mat de Ministèrë fir d'Aide Financière méi fair ze gestalten an och d'Stagegesetz weider ze verbesseren.

Mir freeën eis op eise 40. Anniversaire, deen de 26. Oktober mat enger Séance académique am European Convention Center gefeiert gëtt.

Der ACEL ass et wichteg ze betounen, datt dësen Erfolleg net ouni hir Cerclen, hir Partner an den onermiddlechen Asaz vu Comitésmembere méiglech wier. Mir soen hinnen dofir villmools Merci fir déi wäertvoll Ënnerstëtzung an deene leschte Joren an hoffen, och an Zukunft op si zielen ze kënnen.

Mir wënsche vill Spaass beim Liesen.



**Laura Oé**
Vizepresidentin Informatioun

ACEL
de Studentevertrieder

# WAT ASS D'ACEL?

IWWER **40 CERCLEN**
VERDEELT OP **9 LÄNNER**
**10 000 STUDENT:INNEN**

D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) ass ee Comité den aus Lëtzebuerger Student:innen besteet, déi als Zil hunn, d'Schüler:innen an d'Student:innen aus dem Land iwwert déi verschidde Studiëgäng ze informéieren, se reegelméisseg zesummenzebréngen an se duerch ee permanente Kontakt mat deene verschiddene Ministèren, ze representéieren. D'ACEL ass 1984 gegrënnt ginn an huet sech säitdeem als Missioun gesat, dass d'Student:innen besser gehéiert solle ginn. D'Association ass zanterhier net méi aus dem Lëtzebuerger Studentemilieu ewechzedenken. Haut vertrëtt d'ACEL iwwert 40 Studentencercelen, déi duerch d'ganz Welt verdeelt sinn. Et fënnt ee se an Däitschland, a Frankräich, an der Belsch, zu Lëtzebuerg, an Éisträich, an der Schwäiz, a Grossbritannien, an Holland an an den USA. Dës Cerclen empfänken d'Lëtzebuerger Student:innen wärend hirer Studienzäit an hirer Studentestad a ginn de Student:innen d'Méiglechkeet, u flotten Eventer deelzehuelen. Dernieft ginn et nach déi fachspezifesch Cerclen. Dozou gehéieren d'Medezins-, d'Ekonomies-, d'Droits-, d'Psychologies-, d'Archivistik/ Bibliothekär-, an d'Ingenieursstudent:innen.




# WAT ASS DER ACEL HIR AUFGAB?

### MIR REGRUPPÉIEREN

Ee vun den ACEL hiren dräi Haaptziler ass et, d'Student:innen aus deene verschidde Stied zesummenzebréngen. Dofir organiséiert d'ACEL alljoers verschidden Evenementer. Ee vun deene gréissten Eventer ass „De Studentebal" deen alljoers am Juli stattfënnt. Mat sengem eenzegaartege Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditiounen aus deene verschiddene Studentestied zesummen.

Ee weidert Event ass den „Tournoi de Noël", deen alljoers am Dezember stattfënnt an deene verschiddene Studentecerclen d'Méiglechkeet gëtt, wärend 2 Deeg, am Basket, am Volleyball an am Fussball géinteneen unzetrieden. Och d'Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL), déi all Joer ronn 150 Lëtzebuerger Student:innen an enger europäescher Studentestad zesummebréngt, ass ee wichtegt Evenement, dat d'Student:innen vereent.



### MIR INFORMÉIEREN

Der ACEL ass et wichteg, dass d'Schüler:innen an d'Student:innen iwwert hir Méiglechkeeten nom Lycée, wärend dem Studium esou wéi och no de Studien informéiert ginn. Fir dëst Zil ze erreechen, bréngt d'ACEL alljoers verschidde Publikatiounen eraus. Am „Guide du Futur Étudiant" fannen d'Schüler:innen all déi néideg Informatiounen iwwert déi verschidde Studentestied, wéi och iwwert déi verschidde Formatiounen, déi an deenen eenzele Länner ugebuede ginn. „De Studenteguide" riicht sech un d'Student:innen wärend hirer ganzer Studienzäit. Nieft deenen wichegsten Informatiounen ronderëm d'Studenteliewen, wéi dem Finanzement vum Studium oder hëllefräich Tipps zur Wunnengssich, informéiert dës Broschür och iwwer Besonneschkeeten a verschiddene Länner. De „Guide du Futur Diplômé" gëtt de Student:innen eng ganz Rei vun Informatioune mat op de Wee, déi hinnen de Start an d'Beruffswelt erliichtere soll. Niewent dësen dräi Publikatioune geet d'ACEL och reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert Land, fir d'Schüler:innen iwwert d'Studien ze informéieren.

Fir de Schüler:innen bei hirer Entscheedung iwwer zukünfteg Studien ze hëllefen, organiséiert d'ACEL alljoers de „Student fir 1 Dag". Hei hunn d'Schüler:innen d'Méiglechkeet, mat engem Bus an hir zukünfteg Studentestad ze fueren a sech op der Plaz vun de Lëtzebuerger Student:innen d'Stad, d'Uni an aner Raimlechkeete weisen ze loossen. D'Schüler:innen kommen esou a Kontakt mat de Lëtzebuerger Student:innen a kënne sech all hir Froen iwwert d'Studenteliewe beäntwere loossen. D'ACEL an hir Membercerclë sinn och alljoers op der „Foire de l'Étudiant" vertrueden, déi am November stattfënnt, fir den zukünftege Student:innen esou vill wéi méiglech nëtzlech Informatioune mat op de Wee ze ginn an hinnen all hir Froen, wat d'Studéieren ugeet, ze beäntwerten.

### MIR REPRESENTÉIEREN

Nieft dem Regruppement an der Information, vertrëtt d'ACEL d'Student:inne virun den Autoritéiten a verdeedegt hir Rechter. An dësem Kontext steet d'ACEL a reegelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren, ënner anerem dem Ministère fir Héichschoulbildung a Fuerschung, wéi och dem Aarbechtsministère. D'ACEL ass awer net nëmmen national aktiv, mee hëlleft och de Student:innen am Ausland bei Problemer mat den Autoritéiten. D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral, dat heescht, datt si keng bestëmmt parteipolitesch Meenung vertrëtt. Dat ass extrem wichteg, well d'ACEL dem Usproch, all d'Student:innen ze representéieren, wëll gerecht ginn.

Een Thema wat d'ACEL schonn ëmmer begleet a beschäftegt ass d'Bourse. Hei ass een am reegelméissegen Austausch fir d'Bourse un déi aktuell Erausfuerderunge vun de Student:innen unzepassen.

Ee weidere bedeitende Sujet ass d'Stagegesetz. 2020 ass dëst a senger éischter Form gestëmmt ginn, wat et erméiglecht huet de Stagë vu Schüler:innen oder Student:innen zu Lëtzebuerg ee legale Kader ze ginn. 2023 gouf d'Stagegesetz eng éischte Kéier ugepasst.

D'ACEL beschäftegt sech awer och mat weidere fir d'Student:inne relevant Themen, sief et den Transport an de Logement zu Lëtzebuerg oder déi aktuell Debat iwwer eng eventuelle Reforme vum Pensiounssystem fir der nëmmen ee puer ze nennen.

# WIEN ASS D'ACEL?

**Du hues dech schonn ëmmer gefrot, wien alles hannert der ACEL stécht?**

**Hei hues du ee klengen Iwwerbléck iwwert eise Comité.**



**Kimon LENERS**
President
Politikwissenschaften zu München



**Mattis NOEL**
Sekretär
Politikwissenschaften zu Innsbruck



**Egan PAQUAY**
Tresorier
Finance & Management zu St. Gallen



**Fränk PRIM**
Informatiker
Medizinesch Informatik zu Heilbronn



**Laura MATHEIS**
Grafikerin
Kommunikationsdesign zu München



**Laura OÉ**
Vizepresidentin Informatioun
Argarwissenschaften zu Bonn



**Pit FELTES**
Comitésmember Informatioun
Physik zu Karlsruhe



**Alexandre LUONG**
Comitésmember Informatioun
Stadtplanung zu Kaiserslautern



**Sophie MANGEN**
Cooptée Informatioun
Sonderpädagogik zu Köln



**Grégory KIEFFER**
Vizepresident Regruppement
Volkswirtschaftslehre zu Freiburg



**Dany DA SILVA PINTO**
Comitésmember Regruppement
Soziale Arbeit zu Köln



**Jamie KAPPLER**
Coopté Regruppement
Germanistk zu Köln



**Charlotte FEDERSPIEL**
Coopté Regruppement
Media, Art, Design, Architecture zu Amsterdam



**Gianni DI PAOLI**
Vizepresident Representatioun
Physik zu München



**Laurent SCHENGEN**
Comitésmember Representatioun
Geschicht a Geographie op Lehramt zu Köln

# STUDENT FIR 1 DAG 2024




Als Schüler:in, besonnesch op Première, steet ee viru wichtegen Entscheedunge fir d'Zukunft: Soll ech studéiere goen oder net? Op wéi eng Uni? Wéi ee Studium ass dee richtege fir mech?

De Projet „Student fir 1 Dag" bitt eng eemoleg Geleeënheet, d'Unien an d'Unisstied op eng ganz besonnesch Aart a Weis kennenzeléieren an deene Jonke bei hirer Entscheedung ze hëllefen. An der Ouschtervakanz besteet d' Méiglechkeet un organiséierten Dagesreesen deelhuelen, wou déi perfekt Geleeënheet ass, de Lycéesschüler:innen ze weisen, wat se op der Uni erwaart. D'Optioun besteet un enger oder u méi Dagesreesen deelhuelen a soumadder verschidde Studentestied ze besichen.

Den Oflaf vum Student fir 1 Dag ass ganz einfach: Moies geet et mam Bus oder Fliger vu Lëtzebuerg aus an déi verschidde Studentestied. Op der Plaz ginn d'Participante vum Studentecerclë aus der Stad selwer accueilléiert a kréien do déi wichtegst Informatiounen zur Studienoffer, de Coursen, dem Studenteliewe wéi och dem Cercle. No engem gemeinsame Mëttegiesse ginn am Uschloss déi wichtegst Gebaier vun den Unien an den Héichschoulen, wéi och déi schéinst Ecker vun der Studentestad gewisen. Owes geet et dann erëm zeréck op Lëtzebuerg.

Am Kader vum Student fir 1 Dag stinn och verschidden Dagesreesen um Programm, déi op Eegeninitiativ mussen ugefuer ginn, wou d'Schüler:innen awer op der Plaz vum Studentecercle encadréiert ginn. Dëst ass de Fall fir déi Stied, déi méi wäit fort leien, wéi zum Beispill Innbruck, Lausanne a Fribourg. Wa fir eng Destinatioun schon all Plazen am Bus oder Fliger voll sinn, ass eng Urees an Eegeniniiativ och méiglech.

De Student fir 1 Dag 2024 huet wéi gewinnt an der Ouschtervakanz vum 2. bis de 13. Abrëll stattfonnt. 25 Stied goufen a siwe verschiddenen Länner besicht. Um Programm stoungen folgend Stied: Amsterdam, Belval (Uni.lu), Berlin, Bonn, Bréissel, Köln, Düsseldorf, Freiburg, Fribourg (CH), Heidelberg, Innsbruck, Kaiserslautern, Karlsruhe, Lausanne, Léck, Maastricht, München, Nanzeg, Oochen, Paräis, Saarbrécken, Stroossbuerg, Tréier, Wien an Zürech souwei d'Disziplinnen Medezin, Droit, Ekonomie, Ingenieurs- a Naturwëssenschaften an Bibliothéiks- Dokumentatiouns- an Archivistikstudien. Am Ganzen gouf et 535 Participatiounen.

Op dëser Plaz wëlle mir och nach eng Kéier eisen 30 Membercerclë Merci soen, déi beim Student fir 1 Dag an hirer Studentestad an Disziplin matgemaach hunn, a fir een informativen Austausch gesuergt hunn.

Mir hoffen, datt mir an der Ouschtervakanz 2025 de Student fir 1 Dag erëm an deene jeeweilege Studentestied organiséiere kënnen, esou wéi dat dëst Joer nees de Fall war.

Du wëlls gäre studéiere goen, mee du weess nach net, wat dech op der Uni erwaart? Du weess net, wou s du wëlls studéiere goen a wéi eng Uni déi richteg fir dech ass? Da sief och du Student fir 1 Dag a maach d'nächst Joer an der Ouschtervakanz beim Student fir 1 Dag mat.

**HEI NACH WICHTEG INFORMATIOUNEN:**

**Bis wéini kann een sech umellen?**
Zwee bis dräi Schaffdeeg virun der Rees. D'Plaze si limitéiert, déi éischt si vir!

**Wat ass alles am Präis mat dran?**
Bei all Rees ass de Programm an der jeeweileger Stad souwéi e Mëttesiessen am Präis mat dran. Zousätzlech ass bei de Stied (mat Ausnam vun Innsbruck, Lausanne a Fribourg) och den Transport mam Bus oder Fliger am Präis mat abegraff.
Den Transport mam Fliger gëtt nees op Berlin, München a Wien organiséiert.

**Ech sinn net op Première, dierf ech awer deelhuelen?**
Jo, jiddereen, dee wëll, dierf um Student fir 1 Dag deelhuelen.

**Wou kann ech mech informéieren?**
All d'Informatioune fënns du op **acel.lu/sf1d.** Bei Froe kanns du eis och direkt iwwer Facebook, Instagram oder per E-Mail op **contact@acel.lu** erreechen.

**Wien organiséiert de Student fir 1 Dag?**
De Student fir 1 Dag gëtt vun der ACEL an Zesummenaarbecht mat de Cerclen an de jeeweilege Stied, souwéi vu Voyages Emile Weber an der Luxair organiséiert. An der Studentestad ginn d'Schüler:innen déi ganzen Zäit vun de Lëtzebuerger Student:innen aus der jeeweileger Stad encadréiert.



# REEL 2024

40 Joer
REEL 2024
KÖLN

Déi 40. Editioun vun der REEL (Réunion Européenne des Etudiants Luxembourgeois) huet dëst Joer vum 19. bis de 22. September zu Köln an Däitschland, an domat fir déi 3. Kéier hei, stattfonnt.

Ronn 150 Student:innen sinn do wärend 4 Deeg zesummekomm fir un engem Kaderprogramm deelzehuelen, sech iwwert déi ennerschiddlechsten Thematiken déi si betreffen auszetauschen a fir sech kenne mat Letzebuerger Student:innen uerschtert ganz Europa, mat Vertrieder:innen aus der Héichschoulbildung a politeschen Acteuren ze vernetzen. Dat grousst Thema dat intensiv op deser REEL beschwat gouf war „Zukunft gestalten - Kompetenzen am Kontext vun der Digitaliséierung".

Den éischte Moien goufen d'Student:innen no enger Busfaart vu 4 Stonnen zu Köln mat engem klenge Moiesiessen begréisst, éier et dann mam offizielle Programm lassgaangen ass. Am „Philosophikum" goufe vum ACEL-Comité dräi interessant Workshops ugebueden zu den Themen „Penisoun", „ASBL (Association sans but lucratif)" an „Digitalisatioun".

D'REELaner:innen haten am Viraus d'Méiglegkeet sech fir ee Workshop ze entscheeden a konnte sech do dann a méi klenge Gruppen zu dem jeeweilegen Thema austauschen. No deelweis ganz interessanten a konstruktiven Diskussioune sinn all d'REELaner:innen nach eng Kéier an enger gemeinsamer Plenière zesummekomm fir d'Resultater aus de verschiddene Workshops ze presentéieren, soudatt dono jiddereen och eng Iddi vun den Diskussiounen aus deenen anere Workshops krut. No enger kuerzer Stäerkung beim Mëttesiessen an der „Mensa Köln" an dem folgenden Check-In am Hotel stoung dann der traditioneller Partnerfoire, déi an der Mensa Köln stattfonnt huet, näicht méi am Wee. Lassgaangen ass et mat de Presentatiounen vun de verschiddene Partner:innen vun der REEL, wouropshin d'Partnerfoire sein übleche Laf geholl huet bei där d'REELaner:innen d'Méiglechkeet hate fir mat de verschiddene Partner:innen an d'Gespréich ze kommen. Hei ass dann och schon sécherlech déi eng oder aner Stage- oder Aarbechtsplaz ugeschwat a villäicht och scho geplangt ginn. Fir dem Ganzen och ee bëssen méi e lockeren a net ze dréchene Kader ze ginn, gouf et parallel dozou schon dat eent oder anert Glieschen Wäin an eppes klenges ze iessen. De kréinenden Ofschloss vun dësem usprochsvollen Dag war eng Soirée privée am Club „Zimmermanns".

Freides Moies ass et dann mat de kulturelle Visitten lassgangen, woubäi d'REELaner:inne sech am Viraus fir entweder de „Chempark", „d'Ford Werke", de „WDR" oder de „Flughafen Köln/Bonn" entscheede konnten. Fir d'Mëttegiessen hu sech d'Participanten alleguer an der Pizzeria „L'Osteria" ëremfonnt fir sech iwwert dei verschidde Visitten auszetauschen, éier et dann mam traditionelle Rallye duerch déi wonnerschéin Domstadt weidergaangen ass. Hei konnten d'REELaner:innen a klenge Gruppen op engem Tour duerch Köln, an opgrond vu klenge Spiller, esouwuel d'Stad, wéi och Student:innen aus anere Cerclë, besser kennenléieren. Den Uschloss vun dësem erfollegräiche Rallye war dat gemeinsamt Owesiessen am „Maybach" éier et da per Bus zeréck an den Hotel goung fir sech prett ze maachen fir dei doropsfollgend Soirée publique am Club „Roonburg".

Samschdes stoung dann d'Journée politique am „Hilton" um Programm, woufir sech d'REELaner:innen och extra chic gemaach hunn. De politesche Volet vun der REEL gëtt vum REEL-Comité a Kooperatioun mat der ACEL organiséiert. Den Dag gouf mat engem interessante Monolog iwwert d'Haaptthema vun dëser REEL vum Fabrice Roth, Direkter vum Lycée des Arts et Métiers, un d'Rulle bruecht. Den Här Roth huet déi verschidden Aart a Weise vun der Educatioun virgestallt an d'Wichtegkeet vun engem diversen a méi digitale Schoulsystem ënnerstrach. No dësem wichtege Monolog hat dës REEL déi grouss Éier, S.A.R. de Grand-Duc Henri, wéi och d'Oberbürgermeisterin Henriette Reker als Eiregäscht am Kader vum 40. Anniversaire vun der REEL ze empfänken. No engem kurzen Diskurs iwwert d'Zesummenaarbescht vun der Stad Köln a Lëtzebuerg vun der Oberbürgermeisterin Reker ass et da weidergangen mat engem klenge Patt, woubäi d'Student:innen d'Méiglegkeet haten, sech mam Grand-Duc iwwert d'Studentelierwen, wéi och iwwer aner wichteg Sujeten auszetauschen.

Nom Mëttegiessen hu sech d'REELaner:inne vum Grand-Duc Henri an der Oberbürgermeisterin Reker verabschit an de Programm ass mat der Table Ronde zum Thema vun der REEL weidergaang. D'Invitéeën waren d'Stéphanie Obertin, Ministesch fir Forschung an Héichschoul, wéi och Ministesch vun der Digitalisatioun, de Serge Linckels, Direkter vum Digital Learning Hub, d'Sylvia Ridlesprige, Direktesch des affaires générales et des partenariats formation de la Chambre des Commerces, de Christophe Ley, Mathematiksprofessor op der Universitéit Lëtzebuerg, a schlussendlech de Kimon Leners, President vun der ACEL. Beschwat goufen nierft de sougenannte „soft skills" an „hard skills" och d'Zukunft vun der kënschtlecher Intelligenz an der Aarbechtswelt an wéi d'Student:innen sech an dëser zurecht fannen kennen. No den interessanten an vielfältegen Diskussiounen vun der Table ronde ass et dann zum Ofschlossiessen am Hilton komm, woubäi d'Invitéeen, wéi och d'REELaner:innen, et sech net huelemgelooss hunn ee Glas Wäin oder e kale Kölsch ze drénken. Géint 10 Auer ass et da per Bus an den Club fir d'Soirée chique gaangen.

Sonndes, de leschten Dag vun der REEL, sinn d'REELaner:innen dann op dei verschidde Spaassvisitte gaangen. Hei haten d'Student:innen an d'Ex-Student:innen d'Méiglegkeet sech am Viraus fir „d'Kölnisches Stadtmuseum", „d'Motorworld", „d'Schloss Augustusburg", oder den Dram vun all Effzeh Fan, „d'Rhein-Energie Stadion", woubäi d'REEL dei grouss Eier hat, de lëtzebuergesche Fussballprofi Mathias Olesen op der Visitte dobäi ze hunn, unzemellen.

Dem REEL-Comité vun Köln hei e grousse Merci fir d'Organisatioun vun deser gelongener REEL, woubäi all Participant, wéi och all Invité, op seng Käschte komm ass.





# GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT, DE STUDENTEGUIDE & GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ

**Guide du Futur Étudiant**
Du bass de Moment op enger Ofschlossklass am Lycée oder du bass souguer scho fäerdeg a wëlls elo studéiere goen? Dann ass der ACEL hire Guide du Futur Étudiant genau dat Richtegt fir dech. An dëser Broschür, déi an Zesummenaarbecht mat eise Membercerclen op d'Bee gestallt ginn ass, fënns du eng ganz Rei Informatiounen iwwer Studentestied an néng verschidde Länner.

An dësem Guide sinn déi wichtegst Renseignementer zesummegefaasst: Informatioune vun deene verschiddene Cerclen iwwer déi verschidde Studiegäng an deene jeeweilege Studentestied, bis wéini a virun allem wéi s du dech op deene verschiddenen Universitéiten an Héichschoule muss umellen, wéi s du am beschten eng Wunneng fënns a wéi eng Eventer d'Cerclen dat ganzt Joer iwwer an hirer Studentestad ubidden. Zousätzlech fënns du natierlech och de Cerclen hir Kontaktdaten, falls du dech mat hinnen a Verbindung setze wëlls. De Guide du Futur Étudiant informéiert dech och iwwer déi verschidde BTS-Formatiounen, déi s du zu Lëtzebuerg maache kanns.

Donieft gëss du an dësem Guide och informéiert, wéi s du fir deng Studie vun der staatlecher Studiebäihëllef profitéiere kanns.




De Guide du Futur Étudiant kriss du all Joer gratis op der Studentefoire um Stand vun der ACEL, an all Spuerkeessagence, beim CePAS, beim MESR, bei der Agence Nationale pour l'Information des Jeunes (ANIJ) an der Maison de l'orientation esou wéi an der Nationalbibliothéik an online als PDF: **www.acel.lu/gfe.**

Bei weidere Froe kanns du dech zu all Moment per E-Mail bei der ACEL **(www.contact@acel.lu)** oder direkt beim Cercle mellen.

**De Studenteguide**
Du hues ugefaangen ze studéieren a scho läit e Bréif an der Boîte mat enger Rechnung vum Rundfunkbeitrag? Oder bass du nach op der Sich no enger Wunneng? Dann ass dëse Guide genau dat Richtegt fir dech! Fir dir bei sou an nach bei villen anere Problemer an dengem Alldag als Student:in ze hëllefen, huet d'ACEL dëst Joer déi fënneft Editioun vun hirem „De Studenteguide" erausbruecht.

An dëser Broschür fënns du eng ganz Rei Informatiounen aus néng verschidde Länner, déi dir wärend dengem Studium kënnen nëtzlech sinn. Sou informéiert dëse Guide dech niewent de Besonneschkeeten an deene Länner och iwwer d'Wunnengssich, d'Finanzéierung vun dengem Studium an d'Krankeversécherungen. Doduerch, datt dëse Guide an Zesummenaarbecht mat eise Membercerclen entstanen ass, fënns du Informatiounen aus éischter Hand an dëser Publikatioun.

Dëse Guide ass dëst Joer erëm u iwwer 4.000 Schüler:innen verdeelt ginn, déi hiren Ofschloss am Grand-Duché am Secondaire gemaach hunn.

De Studenteguide fënns du als PDF op eisem Site, ënner folgendem Link: **www.acel.lu/de-studenteguide.**
Mir hoffen, datt dëse Guide dir weiderhëlleft a wënschen dir vill Erfolleg an dengem Studium.




**Guide du Futur Diplômé**
Du bass fäerdeg mat dengem Ofschloss am Lycée, dengem Studium oder denger Léier a wëlls elo am Beruffsliewen duerchstarten? Da fënns du am Guide du Futur Diplômé all déi wichteg Informatiounen, déi dir dobäi hëllefen.

Alljoers bréngt d'ACEL eng nei Editioun vum Guide du Futur Diplômé eraus, fir dir deng éischt Schrëtt um Aarbechtsmarché ze erliichteren.

Hei fënns du eng ganz Rei Informatiounen dozou, wéi s du am beschten eng Aarbecht sichs, wéi deng Kandidatur soll ausgesinn a wat dech an engem Virstellungsgespréich erwaart. Donieft kanns du dech och iwwer de Salaire, d'Pensioun, d'Steieren, de Congé, deen s du zegutt hues, oder d'Finanzéiere vun enger Wunneng oder engem Auto informéieren.

Wëlls du op enger Gemeng schaffen? Dech selbststänneg maachen? Oder souguer Fuerscher:in ginn? Dann fënns du an dësem Guide och déi néideg Informatiounen, déi dech um Wee dohi begleeden.

De Guide du Futur Diplômé kriss du all Joer gratis um Stand vun der ACEL op der Studentefoire, an all Spuerkeessagence, beim CePAS, beim MESR, bei der Agence Nationale pour l'Information des Jeunes (ANIJ), an der Maison de l'orientation esou wéi an der Nationalbibliothéik an online als PDF: **www.acel.lu/gfd.**



# DE STUDENTEBAL 2024



De Studentebal ass dat gréisst Event, dat d'ACEL organiséiert, fir lauter Studenten erëm beieneen ze bréngen. E fënnt säit jeehier am Juli statt. Bei dësem Event komme Studenten déi wäit ewech oder awer och ganz no sinn,zesummen, fir mat hire Kolleegen een Owend laang ze feieren.

D'Organisatioun fänkt lues awer sécher scho kuerz nodeems den neie Comité gewielt ginn ass un, also schonn am Januar. Nodeems d'Grondkonzept gekläert ass, heescht et dann, bal 5.000 Liter Béier an eng Hellewull aner Saache bestellen. Déi lescht zwou Woche virum Bal ginn déi éischt Saache schonn an d'Realitéit ëmgesat. Och wann de Bal vun enger klenger Unzuel vu Leit organiséiert gëtt, kéint dësen net stattfannen, wann net bal 30 Cerclë beim Op- an Ofriichten dobäi wieren. Net ze ënnerschätzen ass, datt wärend deem Owend bis zu 300 Leit schaffen, fir datt keen erdiischtert an och keen erhéngert. Speziell fir vill a gutt lesse këmmert sech den LSK a fir de Rescht bitt all Cercle e speziellen Drink un, dëst a Form vun engem Shot, wéi zum Beispill de Blue Seppl, de Meloni, dem LSD-Shot oder engem Cocktail. Vun Gin-Tonic, Campari-Orange an Ice-Tea-Korn bis zu Komma a Bombe bleue ass fir jiddereen eppes dobäi!

Ëmsou méi frou ware mir dëst Joer, wéi mir mat 4.000 Entréeë weise konnten, datt mir nach weiderhin de gréissten Open-Air-Bal zu Lëtzebuerg plangen.



Natierlech wier esou e mega Bal net méiglech ouni ons Partner. Op dëser Platz bedanke mir eis bei der Ville de Luxembourg fir hir ganz Hëllef, bei Munhowen, fir déi grouss Ënnerstëtzung, fir datt mir net erdiischteren, bei der CODEX fir hir professionell Aarbecht an hiert Material esou wéi bei der Spuerkeess, ouni déi mir net esou einfach kéinte bezuelen.

Dozou ass ze soen, datt de Profit un d'Cerclë geet, esoubal d'Käschte gedeckt sinn, esou datt si sech aner Aktivitéiten domat finanzéiere kënnen.



ACEL de Studentevertrieder

# D'ACEL a seng Cerclen

STUDENTEFOIRE by MESR
Foire de l'Étudiant ▪ Student Fair ▪ Studierendenmesse

De 24. a 25. Oktober fënnt d'Studentefoire um Campus Belval statt. Zousätzlech zu däser Foire gëtt et eng Online-Plattform, déi et dir erméiglecht, dech am Viraus ze informéieren an deng Visitt um Belval besser ze plangen.

D'Online-Plattform ass vum 16. Oktober bis de 3. Januar 2025 disponibel. Op däser hues du d'Méiglechkeet, bei méi ewéi 200 Aussteller aus 17 Länner Informatiounen a Form vu Broschüren, klenge Videoen an aneren Dokumenter ze sammelen. E puer Aussteller halen och Webinairen, déi s du iwwer dës Plattform matverfollegen oder duerno am Replay nokucke kanns. Op d'Plattform zougräife kanns du ënnert folgendem Link: **www.studentefoire.lu.**

Als Schüler:in kanns du wärend deenen 2 Deeg tëschent 9h a 15h30 mat 120 Aussteller a Kontakt trieden an dech iwwer deng Studieméiglechkeeten informéieren. Dobäi kommen dräi Live-Konferenzen iwwer verschidde Beruffsfelder (Santé, Enseignement an Carrière beim Staat), déi s du dir unhéiere kanns. Ab 15h30 ass d'Foire fir de grousse Public op. Natierlech ass och d'ACEL mat senge Membercerclen vertrueden a steet dir zur Verfügung, fir dir all deng Froen ze beäntwerten, déi dech als zukünftege Student beschäftegen. Notz dës Geleeënheet a komm bis laanscht!

## ACEL & Fachspezifesch Cerclen

ACEL · Bibliothéikswiesen · Droit · Ekonomie · Geschicht · Ingenieur · Medezin · Psychologie

## Däitschland

Berlin · Bingen · Bonn · Düsseldorf · Freiburg · Heidelberg · Kaiserslautern · Karlsruhe · Köln

München · Oochen · Saarbrécken · Tréier · Würzburg · Frankfurt

## Belsch

Baaschtnech · Bréissel · Léck · Louvain-la-Neuve

## Frankräich

Aix-en-Provence · Montpellier · Nanzeg · Paräis · Stroossbuerg

## Holland

Amsterdam · Maastricht

## Éisträich

Innsbruck · Wien

## Schwäiz

Fribourg · Lausanne · Zürech




# PENSIOUN

D'Regierung huet am Koalitiounsaccord eng Debatt iwwer eng méiglech Reforme vum Lëtzebuergesche Pensiounssystem annoncéiert. Mir begréissen d'Engagement vun der Regierung fir déi jonk Generatioun aktiv an d'Diskussioune déi elo am Hiescht solle lassgoen matanzebezéihen, well langfristeg sinn et déi Jonk, déi am meeschte vun enger Reform betraff wieren. No enger Rei vun éischten Diskussiounen am Fréijoer mam der Ministesch vun der Sécurité Sociale, souwéi mat Vertrieder vun der CSL an der UEL, begréisse mir der Madamm Deprez hir Invitatioun fir weider Diskussiounen.

Als ACEL ass et fir eis wichteg dass an dëser Debatt och op d'Suergen vun de Student:inne gehéiert gëtt an dass dës dann och berücksichtegt ginn. Et ass vun fundamentaler Bedeitung dass ee net versicht de Status Quo fir eng Rei vu Joren ze erhaalen op Käschte vun der nächster Generatioun, mee dass een och dene Jonken eng méiglechst laangfristeg Perspektiv ka ginn.

Vir méi am Detail ze verstoen em wat déi aktuell Debatt geet a fir eventuell och kenne matzeschwätzen ass et wichteg dass een sech informéiert. Bei sou enger komplexer Thematik wéi dem Pensiounssystem ass dat awer net sou einfach a grad als jonke Mënsch huet en dofir bis elo nach net onbedéngt d'Noutwendegkeet gesinn. Fir dëse Prozess ze vereinfachen hu mir op eiser Websäit déi wichtegst Informatiounen zesummegedroen fir eng Aleedung an d'Thematik ze ginn.

An dësem Kontext wéilte mir awer och direkt Meenung vun de Student:innen héieren, well d'Pensioun ass een Thema dat fréier oder spéider jiddereen vun eis betreffen an dofir och interesséiere wäert. Wann s du also der Meenung bass, dass du elo wëlls bei dëser Thematik zu Wuert kommen an s du wëlls dass deng Meenung mat afléisst, da maach bei eiser Ëmfro mat.

# STUDIENINFO

D'Schüler:inne vun den Ofschlossklasse sti virun enger wichteger Entscheedung. Et stellt sech d'Fro, ob si no hirem Ofschloss schaffe goe sollen oder léiwer studéiere goe wëllen. D'ACEL geet reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert d'Land, fir d'Schüler:innen iwwer d'Studiegäng, d'Unien an d'Héichschoulen, d'Wunnengssich, de Finanzement vun hirem Studium an d'Studenteliewen am Generellen ze informéieren. Wärend dësen Informatiounsseancë kann d'ACEL natierlech och de Schüler:innen hir Froen zu dësen Theme beäntweren. D'ACEL deelt hei och hir verschidde Publikatiounen aus. Dës sollen de Schüler:innen op hirem Wee an d'Studenteliewe wärend hirem Alldag oder bei hiren éischte Schrëtt um Aarbechtsmarché hëllefen. Heibäi handelt et sech ëm de Guide du Futur Étudiant, de Studenteguide an de Guide du Futur Diplômé. Wärend dem akademesche Joer 2022/2023 war d'ACEL insgesamt u 11 Studieninformatiounen a 14 verschidde Lycéeë present.




Falls Dir drun interesséiert sidd, datt mir och an Äre Lycée kommen an op Är Froen oder déi vun Äre Schüler:innen äntweren, kënnt Dir lech ënner folgendem Link umellen: **https://acel.lu/studieninfo-ufro/.**

Bei weidere Froe kënnt Dir lech natierlech och ënner **contact@acel.lu** bei eis mellen.

# QUIZOWEND

Den 30. März war et rëm sou wäit: De Quizowend vun der ACEL huet rëm stattfonnt. Fir dëst schonn traditionellt Event hu sech bal 100 Leit an 20 Equippen opgedeelt „Festsall vun der Gemeng Réiser" an der Stad zesummefonnt a konnten do hiert Wëssen ënner Beweis stellen. De Quiz huet dëst Joer aus aacht Kategorië mat jeeweils aacht Froe bestanen. D'Kategorië ware ACEL, Politik, Allgemenges, Wien ass dat, Geographie, Wëssenschaft, Iessen a Gedrénks a Film a Serien soudatt fir jiddereen eppes Passendes dobäi war. Nieft de Froe gouf et eng Bar an eng Kaffisstuff.
Déi éischt Plaz kruten ee Bong fir bei Zero Latency VR ze goen. Déi zweet Plaz hunn ee Bong gewonne fir bei Sport4Lux spillen ze goen an déi drëtt Plaz kruten ee 50€ Bong fir bei Concept+Partners auszeginn.





# TOURNOI DE NOËL

Iwwert de 27. an 28. Dezember hu mir eisen traditionellen Tournoi de Noël um Geesseknäppchen zesumme mat der LASEL ofgehalen. Méi wéi 20 Studentencercelen hunn sech an de Sportshale vum Geesseknäppche getraff a Bewise wéi gutt si sinn.
Nodeems Mëttwochs Moies d'Qualifikatiounen am Basketball an am Volleyball fäerdeg waren, goung et Mëttes ëm d'Coupen. An der Final vum Volleyball konnten sech d'Innsbrucker, knapp verfollegt vun den Bréisseler op der 2. an den Freiburger Studenten op der 3. Platz, duerchsetzen. Ganz aneschters war et dann awer am Basket, wou Lëtzebuerg sech ganz kloer déi 1. Platz verdéngt huet. Hannendrun waren d'Oochener Studenten op der 2. Plaz an Saarbréckener Studenten op der 3. Platz.
Den Dag drop hate mer eist Fussballturnéier. No ganz spannende Matcher um Virmëtteg, goufen d'Finalen am Nomëtten gespillt. Gewonnen hunn hei iwwerraschend d'Studenten aus Montpellier. Op déi zweet Platz kommen d'Stroossbuerger. De Podium gëtt op der 3. Platz komplettéiert mat de Münchener Studenten. Den Gesamtpokal „Challenge Jean Schmit" ass un Innsbruck gangen.
No 2 Semi erfollegräichen an awer spannenden Deeg um Terrain hunn déi éisträichesch Studenten op en neits bewisen dat si déi Bescht an der 3. Hallschent sinn an hu mat all deenen anere Spectateuren dofir gesuergt dat mir dëst Joer eng grouss Zomm un "Trauerwee a.s.b.l." an „Île aux Clowns a.s.b.l." spende kënnen. Insgesamt konnte mir 7650 € spenden an déi zwee wichteg Projeten ënnerstëtzen.
Dofir nach emol ee groussen MERCI u jiddereen den dozou bäigedroen huet!
Mir kucken awer och ganz gespaant no fir a freeën ons erëm jiddereen erëm ze gesinn, awer och all déi nei Gesiichter wëllkomm ze heeschen! Esou fënnt den Tournoie de Noël dëst Joer den 21. an 23. Dezember statt.






# STAGEGESETZ

Ee Stage wärend dem Studium oder dem Lycée kann hëllefen wichteg éischt Schrëtt an der Aarbechtswelt ze maachen an esou Erfarungen am Beruffsliewen ze sammelen. Sief et een obligatoresche Stage, den et erméiglecht dat wat een op der Uni oder am Lycée geléiert hutt praktesch unzewenden, oder ee fräiwëllege Stage, deen eng Hëllef bei der Orientatioun fir d'Zukunft ka sinn.

2020 ass d'Stagegesetz a senger éischter Form gestëmmt ginn, dëst huet et erméiglecht de Stagë vu Schüler:innen oder Student:innen zu Lëtzebuerg ee legale Kader ze ginn. Esou ass de gerechten Zougang zu engem Stage garantéiert an d'Stagen hunn eng eenheetlech Reglementatioun.
2023 gouf d'Stagegesetz eng éischte Kéier ugepasst. Elo gellt d'Gesetz fir all Student:innen, also och fir d'Student:innen aus den reglementéierte Beruffer. Dat féiert dozou dass zum Beispill och Stagen am Kader vun engem Pflegepraktikum oder Stagen am Enseignement musse bezuelt ginn, esou laang dëst méi laang wéi véier Wochen daueren. Eng wieder Upassung ass, dass Stagen déi wärend engem Akademesche Joer beim selwechte Patron gemaach ginn, bezuelt musse ginn wéi ee ganzen.

Fir all d'Informatiounen am Kader vun dësem Gesetz méi einfach verständlech ze maachen an op wat en opasse muss wann een ee Stage wärend der Uni oder dem Lycée wëll maachen, ass eng Publikatioun an Zesummenaarbecht mat der CSL (Chambre des salariés) ausgeschafft ginn. Hei kann en sech een Iwwerbléck iwwer déi wichtegst Aspekter zu Stage maachen a fënnt och Äntwerten op déi meescht Froen. Dës an enger zweeter Editioun iwwerschafft ginn an ab elo an hirer aktualiséierter Versioun op Lëtzebuergsch, Däitsch, Franséisch an Englesch verfügbar.

Mir hunn awer och festgestallt, dass et oft Onkloerheet bei de Student:innen gëtt, wat genau an der Convention de Stage stoe muss. Dofir huet d'Chambre de Salarié lëscht Joer eng Convention de Stage fir fräiwëlleg Stagen ausgeschafft, déi dem Student als Virlag denge soll fir d'Organisatioun vu sengem Stage ze vereinfachen. Elo ass dann och nach eng weider Convention de Stage fir obligatoresch Stagen derbäi komm. Beid kann een och op eisem Site eroflueden.

Zousätzlech ass och ee Remuneratiounsrechner op eisem Site ze fannen. Dëse soll dem:der Student:in hëllefen mat wéinege Klicks méi Kloerheet ze kréien, wéi héich seng:hier Remuneratioun fir de Stage mindestens muss sinn.


# INTERCERCLEN A BALER

Iwwer dat ganzt Joer verdeelt, fanne sougenannten Intercerclen a Studentebaler statt.
Op engem Intercercle komme Studenten aus verschiddene Cerclen an enger Studentestad zesummen, fir ganz verschidden Aktivitéiten duerchzeféieren. En Tarte-flambée-à-volonté-Owend zu Stroossbuerg, e Cafésrallye zu Oochen, e Spikeballturnéier zu Freiburg, d'Saufest zu Wien, d'Velosheemrees vun Karlsruhe oder dat traditionellt Volleyballsturnéier zu Kaiserslautern.
An all deene Stied an a villen anere kann ee seng Kolleege rëmgesinn a puer flott Stonnen oder Deeg matenee verbréngen. Meeschtens ginn och Schlofplaze vun de lokale Studenten ugebueden, sou datt déi ganz Rees fir keen ze deier gëtt.

Déi verschidde Studentebaler, wéi zum Beispill den Oochener Bal, de Kölner Bal, de Münchner Bal, de Badner Bal vun den Heidelberger, Karlsruher an Freibuer oder den Zürecher Bal an de Bréisseler Bal, déi am Dezember organiséiert ginn, fannen all zu Lëtzebuerg statt. Se riichte sech haaptsächlech un all d'Lëtzebuerger Studenten, mee och Schüler a soss jiddereen ass wëllkomm a gëtt mat lokalen Drinks vun de Cerclë verwinnt!
Am Ganzen hunn dëst Joer schonn 20 Intercerclen an véier Baler stattfonnt. Des Weidere sinn och nach fënnef Intercerclen a véier Baler fir de Rescht vum Joer geplangt.

Eng besser, méi bëlleg a praktesch Méiglechkeet, fir seng Frënn, déi an enger anerer europäescher Stad studéieren, erëmzegesinn, gëtt et net. Wann s du also dëst Joer nach wëlls un engem Intercercle deelhuelen oder ee Studentebal besichen, da kuck änner **acel.lu/kalenner.**










DÄIN ASAZ.
FIR EIS ALL.
KOMM BEI EIS.
WWW.ARMEE.LU
LËTZEBUERGER ARMÉI

# PRESENTATIOUN VUN DE MEMBERS- CERCLË VUN DER ACEL

## Fachspezifesch Cerclen

### ALEM

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine
contact@alem.lu

### ALEP

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Psychologie
contact@alep.lu

### ANEIL

Association Nationale des Etudiants Ingénieurs Luxembourgeois
contact@aneil.lu

### ANELD

Association Nationale des Etudiants Luxembourgeois en Droit
contact@aneld.lu

### ANESEC

Association Nationale des Etudiants en Sciences Economiques et Commerciales
info@anesec.lu

### JONK BAD

Bibliothéikswiesen-, Archivistik- an Dokumentatiouns-Studenten
info@jonkbad.lu

## Lännerspezifesch Cerclen

**Däitschland**

### AELK

Amicale des Etudiants Luxembourgeois à Karlsruhe
contact@aelk.lu

### ALESONTIA

Lëtzebuerger Studenten zu Bonn
kontakt@alesontia.lu

### AVL

Akademischer Verein d'Lëtzebuerger
comite@avl.lu

### LSB

Lëtzebuerger Studenten zu Bingen
ls-bingen@outlook.de

### LSC

Lëtzebuerger Studenteclub Cölln
lsc.comite@gmail.com

### LSD

Lëtzebuerger Studenten zu Düsseldorf
lsdcomite@gmx.de

### LSH

Lëtzebuerger Studenten zu Heidelberg
lsh.comite@gmail.com

### LSK

Lëtzebuerger Studenten zu Kaiserslautern comite@lsk.lu

### LSM

Lëtzebuerger Studenten zu München
comite@lsm.lu

### LSS

Lëtzebuerger Studenten zu Saarbrécken
lss.comite@outlook.com

### LSF

Lëtzebuerger Studenten zu Frankfurt
www.instagram.com/lsfrankfurt/

### LST

Lëtzebuerger Studenten zu Tréier
comite@lst.lu

### LSWÜ

Lëtzebuerger Studenten zu Würzburg
lswue.info@gmail.com

### SLUF

Studente vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg
comite.sluf@gmail.com

### VLIB

Verein Luxemburger Studenten in Berlin
comite.vlib@gmail.com

**Frankräich**

### AELP

Association des Etudiants Luxembourgeois à Paris
contact@aelp.lu

### ALUS

Association des Luxembourgeois aux Universités de Strasbourg
contact@alus.lu

### CELM

Cercle des Etudiants Luxembourgeois à Montpellier
celm.comite@gmail.com

### ELAN

Etudiants Luxembourgeois à Nancy
elan.comite@gmail.com

### LËTZ'AIX

Association des Etudiants Luxembourgeois à Aix-en-Provence
comite@letzaix.com

**Belsch**

### CELB

Cercle des Etudiants Luxembourgeois à Bruxelles
comite@celb.lu

### CELBAS

Cercle des Etudiants Luxembourgeois de Bastogne
celbas2014@hotmail.com

### GDL

Grand-Ducale à Louvain-la-Neuve
grand-ducale@hotmail.com

### LËSTLÉ

Lëtzebuerger Studenten zu Léck
comite@lestle.lu

**Schwäiz**

### AELL

Association des Etudiants Luxembourgeois à Lausanne
aell.comite@gmail.com

### FRIBLËTZ

Lëtzebuerger Studenten zu Fribourg
comite@fribletz.lu

### LSSG

Lëtzebuerger Studenten zu St.Gallen
lsstgallen@gmail.com

**LSZ**

Lëtzebuerger Studenten zu Zürech
comite@lsz.lu

**Groussbritannien**

**SLSB**

Society of Luxemburgish Students in Britain slsbritain@gmail.com

**Éisträich**

**LSI**

Lëtzebuerger Studenten zu Innsbruck
contact@lsi-students.at

**LSW**

Lëtzebuerger Studenten zu Wien
lsw@lsw.lu

**Holland**

**RLA**

Roud Léiwen Amsterdam
comite.rla@gmail.com

**LSMAAS**

Lëtzebuerger Studenten zu Maastricht
comite.lsmaas@gmail.com

**Lëtzebuerg**

**LSL**

Lëtzebuerger Studenten zu Lëtzebuerg
lsl.comite@outlook.com

**USA**

**LUAM**


Luxembourgish Students at Miami University luxstudents@miamioh.edu

# RÄTSEL ZOOM 2024

**Test däi Wëssen!**
**Bréng eis d'komplett ausgefëllte Rätsel op eisem Stand op der Studentefoire laanscht oder schéck eis et op contact@acel.lu a mat bësse Chance gewënns du ee klenge Kaddo!**

ä = ae
ü = ue
ö = oe
ë = e

1. Dës franséisch Stad war dëst Joer déi éischte Kéier erëm bei Student fir 1 Dag dobäi
2. Beim Student fir 1 Dag waren dëst Joer och wéi eng Cerclen dobäi?
3. A wéineger Stad studéieren di meescht ACEL-Comitésmemberen?
4. A wéinegem Land ginn et di meescht Cerclen?
5. Wou féiert d'ACEL hire 40. Anniversaire?
6. Wou huet dëst Joer d'REEL stattfonnt?
7. Wéie Eieregascht gouft niewent der Kölner Oberbürgermeisterin nach op der REEL empfaang?
8. Wéivill Cerclen hunn e Léiw op hirem Logo? (Zuel ausgeschriwwen)
9. Wéi eng Sportaart spillt een um Intercercle zu Freiburg?
10. Mat wéi engem néien Thema beschäftegt sech eise Pilier Representatioun an de leschte Méint intensiv?



**EDITEUR**
Association des Cercles d'Étudiants
Luxembourgeois (ACEL)

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Tel.: (+352) 20 60 84 84
www.acel.lu | contact@acel.lu

**OPLAG**
46.700 Exemplairen

**KOORDINATIOUN**
Laura Oé, Pit Feltes an Alexandre Luong

**REDAKTIOUN**
ACEL Comité

Fir d'Form an den Inhalt vun den Artikele sinn eleng d'Auteure verantwortlech.

D'ACEL seet all de Leit, déi un dëser Editioun matgeschafft hunn, e grousse Merci!

**FOTOEN**
ACEL

**LAYOUT**
Mediahuis Luxembourg

**PUBLICITÉIT**
régie.lu s.a.

